



Den Deiwelselter

INFORMATIUNSBLAT VUN DER GEMENG DIKRICH

E D I T O R I A L

Léif Matbierger !

A senger Erklärung vum 17. Januar huet den neien Dikricher Schefferot de Wonsch fir eng transparent a biirgerno Gemengepolitik ausgedréckt.

D'Offenheet bei de politischen Decisiounen, d'Bereetschaft zur Informatioun an zum Dialog sin d'Grondlag fir eng konstruktiv an éierlech Zesummenarbecht am Déngscht vun der Allgemengheet. Duefir huet de Schefferot wëlles, een Informatiounsblad erauszegin.

D'Iddi vun engem Gemengebuuet ass sécher nët nei. Vill Gemengen bréngen schons zënter Joren sou een Informatiounsblad eraus, fir hir Biirger um lafenden ze halen, wat op der Märei vir sech geet. Iwrigens huet et schons an den 60er Joren ee " Courrier Municipal " hei zu Dikrich gin - wat deemols eemoleg am Land war.

Am Kader vun eisem allgemenge Spuerprogramm muss awer och drop higewise gin, datt eisen neien Gemengen - Info drocktechnisch nët zevill usprochsvoll ausfale kann. D'Käschten, déi trotzdem nach entstin, sin awer bestëmmt mat dem Recht vum Biirger op politisch Informatioun ze begrënnen, well ee jo nëmmen vun engem gudd informéierten Biirger Urégungen, Kritik a Matarbecht verlaange kann.

De Numm " Deiwelselter ", ënnert deem dat neit Informatiounsblad an Zukunft erscheunge soll, gouf vun den " Dikricher Geschichtsfrënn " suggéiert, d'Zeechnung vum Deiwelselter huet de President vun der " Palette " de Jang LEYDER besuergt.

Voilà! Et bleiwt elo nëmmen ze hoffen, datt den " Deiwelselter " sech positiv op dat politischt Zesummeliewen hei zu Dikrich auswierkt.

De Schefferot

Le comité de rédaction du "Dikricher Deiwelsel" se présente ...

Mesdames, Messieurs,

Le présent bulletin communal a été rédigé sous la responsabilité de la commission des organisations, des manifestations et du tourisme. A côté de sa mission de coordination proprement dite, cette commission assume la tâche d'un comité de rédaction composé de délégués des trois partis politiques représentés au sein du conseil communal (PCS, PD et POSL). Le bulletin d'informations générales comprend entre autres un rapport succinct des séances du conseil communal* un carnet des manifestations culturelles & sportives et un info-cinéma.

Dans les limites de leur mission consultative et en accord avec le collège échevinal, les membres de la commission sont donc appelés à animer et à coordonner, conjointement avec la commission culturelle, l'administration communale et le service de l'animation culturelle régionale, la vie sociale et touristique à Diekirch.

Au-delà de son activité de coordination, la commission a en outre pour objet de préparer, en étroite coopération avec la commission culturelle, la création d'une maison de culture, d'encourager la conservation et la restauration du patrimoine architectural du vieux centre (église Saint-Laurent, château Wirtgen,...) et de vivifier le noyau historique sur le plan culturel par le biais de manifestations artistiques de tout genre (expositions d'art, (cycles de) concerts ou semaines musicales, conférences, représentations théâtrales, soirées de littérature,...).

Le comité de rédaction du "Dikricher Deiwelsel" se compose des membres suivants:

- **Président:** André Bauler
- **Membres:** Robert Bohnert, Ernest Breuskin (président de la commission culturelle), Mauro Castellano, Serge Kugener et Nico Michels
- **Conseiller technique:** Carlo Felten, membre de la commission culturelle
- **Autres conseillers:** un représentant du Syndicat d'Initiative (Fernande Molitor), un représentant de l'Union Commerciale, un représentant de l'Entente des Sociétés Sportives et un délégué de la Police (Jean-Paul Zenner)
- **Secrétaire administratif:** Lucien Henckes de l'Administration municipale.

Le comité prie les associations locales ainsi que toutes celles et tous ceux qui souhaitent annoncer leurs activités et manifestations de l'informer le plus vite possible et, partant, il les invite à une collaboration efficace et fructueuse. A retenir que le **délai de rédaction** pour le prochain bulletin communal a été fixé au **15 mai 1994**. La commission vous prie également d'adresser votre courrier et vos messages à l'Administration municipale, c/o **M. Lucien Henckes**, resp. des Affaires culturelles, 27, avenue de la Gare, L-9233 DIEKIRCH (tél./fax: 80 87 80 - 232).

* Le résumé des séances du Conseil Communal est effectué par un employé de l'Administration communale.

le comité de rédaction

Erklärung des Diekircher LSAP-DP Schöffenrates

Die Spielregeln einer an Transparenz orientierten Gemeindepolitik einerseits, die ernstzunehmende wenn nicht prekäre Finanzlage der Gemeinde andererseits, lassen es dem Schöffenrat angemessen erscheinen, auf eine erschöpfende Bestandsaufnahme aller anfallenden kommunalpolitischen Reformen und Anliegen zu verzichten und sich mit einer Liste von Prioritäten zu begnügen, deren Verwirklichung absolute Vorrangigkeit gebührt.

Gezielt-restriktive Finanzpolitik

Angesichts einer übernommenen Gemeindegeldschuld von annähernd einer Viertelmilliarde ist also gesunder Menschenverstand gepaart mit ausgeprägtem Realitätsbewußtsein erste Voraussetzung für eine effiziente Gemeindepolitik, besonders wenn auch die Staatsfinanzen im Gefolge von wirtschaftlicher Flaute zu Umsicht und Sparsamkeit mahnen.

Im Rahmen der sich allgemein aufdrängenden Sparmaßnahmen hat der Schöffenrat deshalb beschlossen, daß der Bürgermeister und die beiden Schöffen auf ein Drittel der ihnen gesetzlich zustehenden finanziellen Entschädigungen verzichten. Dasselbe Einschränkung gilt natürlich auch für die Gemeinderäte und die Mitglieder der einzelnen Gemeindekommissionen, was immerhin für die Gemeindefinanzen eine jährliche Entlastung von rund einer halben Million ausmacht. Mag dieser Entscheidung auch nur symbolischer Charakter beigemessen werden, so soll sie doch richtungsweisend sein für ein gezieltes Sparprogramm, dem sich die Gemeinde Diekirch künftig zu unterziehen hat.

Sozialer Wohnraum

Von vorrangiger Wichtigkeit sieht der Schöffenrat zunächst einmal neben der Erschließung von neuem Bauland die Schaffung von sozialem Wohnraum, der den weniger bemittelten oder jüngeren Einwohnern die Gelegenheit bieten soll, in der Gemeinde Diekirch zu einem annehmbaren Preis eine Wohnung zu erwerben oder zu mieten. In Zusammenarbeit mit dem "Fonds de Logement" soll dieses Projekt mittelfristig realisiert werden. In diesem Zusammenhang muß auch an eine systematische Instandsetzung der gemeindeeigenen Mietwohnungen gedacht werden ebenso wie sich die Sanierung verschiedener Gemeindeimmobilien, von denen sich einige in sehr schlechtem Zustand befinden, fast ultimativ aufdrängt.

Terrassenparkhaus

Auch das Park- und Verkehrsproblem verlangt eine effiziente Lösung. Der Bau eines Terrassen-Parkhauses neben der "Aler Brauerei" mit einer Auffangkapazität von rund 350 Stellplätzen soll einen wesentlichen Teil zur Lösung dieses Problems beitragen. Dieses Projekt ist ohne größeren technischen Aufwand realisierbar, finanziell tragbar und läßt sich ohne weiteres in die schon seit langem benutzte Parkzone neben der alten Brauerei integrieren. Darüber hinaus ermöglicht der Bau eines Parkhauses einen wesentlichen Raumgewinn, da man ein bestehendes Parkareal nutzt und dabei die Parkfläche verzehnfacht ohne einen Quadratmeter Grünfläche in Anspruch zu nehmen.

Einmal davon abgesehen, daß neben der alten Brauerei - egal welche kulturelle Funktion ihr schlußendlich zugedacht wird - genügend Parkraum zur Verfügung stehen soll, wird diese wesentliche Erweiterung der Parkraumkapazität nicht

nur dazu beitragen, die Attraktivität der Geschäfts- und Touristenstadt zu vergrößern, sondern sie wird auch eine Verbesserung der Wohnqualität zur Folge haben, weil sie die bisher als Parkareale mißbrauchten Straßen in ihrem Wohncharakter revalorisiert und der Degradierung der "Kluuster" zu einem banalen Parkplatz ein Ende setzt.

Bis zur Fertigstellung des Terrassenparkhauses soll die Parkplatzmisere wenigstens teilweise behoben werden durch die Einrichtung eines provisorischen Parkings auf dem von der Gemeinde zwecks späteren Bau eines Schulkomplexes erstandenen Anwesen Schmitz. Dieses Provisorium wird in Kürze 70 Stellplätze schaffen und somit dem schon seit Jahren chronischen Parkplatzmangel wenigstens etwas beikommen.

Straßenbau und Verkehrsplan

Von nicht minderer Dringlichkeit erweist sich auch die schon längst anfällige Instandsetzung der Gemeindestraßen. Der Schöffenrat hat ein Konzept ausarbeiten lassen, das eine systematische Erneuerung der Straßen innerhalb der Ortschaft vorsieht. In einer Bestandsaufnahme des gesamten städtischen Straßennetzes wurden alle Straßen nach dem Grad ihrer Schadhaftheit katalogisiert, um ein optimales Timing der Erneuerungsarbeiten zu ermöglichen. Dabei sollte auch, soweit es im Bereich des Möglichen liegt, die Verwirklichung eines Verkehrsplans mit teilweisem Einbahnsystem zwecks Neugestaltung der Wohnstraßen, eine bessere Absicherung der Fußgängerwege und eine optimale Kennzeichnung der Fußgängerstreifen berücksichtigt werden.

Der Schöffenrat ist sich natürlich auch der Tatsache bewußt, daß mit der Eröffnung des "Centre Commercial" Dechensgaard die "Alexis-Heck-Straße" mit einem ernstem Verkehrsproblem belastet sein wird. Da sowohl Einfahrt wie Ausfahrt des unter dem Verkaufszentrum liegenden Parkhauses an dieser Straße liegen, wird während der Geschäftszeiten mit einem erheblichen Verkehrsrückstau hier zu rechnen sein. Pläne zur eventuellen Einrichtung einer dritten Fahrspur sind bisher nicht erstellt worden, doch der Schöffenrat ist sich darüber im klaren, daß nach einer Lösung in dieser Hinsicht gesucht werden muß.

Was nun den Ausbau der Fußgängerzone angeht, so muß zunächst einmal die Fertigstellung des Dechensgaardkomplexes und die damit verbundene und in Aussicht gestellte Erweiterung der Fußgängerzone abgewartet werden, bis man sich auf ein diesbezügliches Konzept definitiv festlegen kann. Eine Instandsetzung der Fußgängerzone, der sogenannten Visitenkarte unserer Stadt, ist jedoch unumgänglich ebenso wie eine Renovierung sprich Revalorisierung des alten Stadtkerns.

Unverzüglich soll jedoch etwas für die Sicherheit der Fußgänger, besonders für diejenigen unserer älteren Mitbürger unternommen werden. So ist vorgesehen, die Stufen der Unterführung Place Guillaume-rue Stavelot endlich rutschfest zu machen. Das wird auch dazu beitragen, daß diese Unterführung besser genutzt und somit die Zahl der Straßenüberquerer reduziert wird. Ebenso kurzfristig sollen die Kinderspielplätze, die sich größtenteils in einem desolaten Zustand befinden, wieder instandgesetzt werden.

Bahnhofsprojekt

Die Verkehrssicherheit verlangt auch dringend, daß das Bahnhofsprojekt, das nun lange genug beschworen worden ist, endlich verwirklicht werden soll. Der Beginn der Arbeiten zur Verwirklichung des hier geplanten Busbahnhofs ist im Laufe dieses Jahres vorgesehen. Neben dem Bau dieses neuen Bahnhofs sieht dieses Projekt auch die Erstellung von 100 Parkplätzen vor, die nicht nur von den Pendlern begrüßt werden,

sondern die auch dazu beitragen werden, den Parkraumengpaß im Hof des "Lycée classique" zu beheben und möglicherweise den Schülern einen autofreien und damit auch den Sicherheitsbestimmungen entsprechenden Schulhof zu beschieren. Zur Erhöhung der Verkehrssicherheit sollte auch die vom Schöffenrat vorgeschlagene Anlegung eines "Rond-Point" an der Einmündung der "Rue Merten" in die "Route de Gilsdorf" beitragen. Mit dieser Maßnahme soll einerseits den Schulbussen die Einfahrt in die Gilsdorferstraße erleichtert werden, andererseits soll auf diese Weise die Rennpiste Diekirch-Gilsdorf entschärft werden.

Umgehungsstraße

Angesichts der kontinuierlichen Zunahme des Durchgangsverkehrs sollte im Sinne einer Entlastung der Stadt Diekirch der Bau einer Umgehungsstraße "Bleesbruck-Seltz-Friedhaff" langfristig ins Auge gefaßt werden. Diese Straße müßte in der Höhe des "Friedhaff" an die Ettelbrücker Umgehungsstraße angeschlossen werden. Somit könnte der Transitverkehr um Diekirch herum geleitet werden. Der Bau einer Umgehungsstraße wäre ohne größeren Eingriff in das Landschaftsbild zu verwirklichen, weil die Möglichkeit besteht, die neue Trasse den topographischen Gegebenheiten anzupassen und weil ihr Verlauf sich schon an bestehenden Feldwegen orientiert.

Deshalb wird sich der Schöffenrat konsequent bei den staatlichen Instanzen für den Bau dieser Umgehungsstraße einsetzen, weil es unverantwortlich wäre, die Anrainer der Zufahrtsstraßen (route de Gilsdorf, rue Clairefontaine, rue Bamerdall, avenue de la Gare) steigenden Abgasmengen und wachsendem Verkehrslärm auszusetzen.

Kinder- und Seniorentagesstätte

Das nun schon mehr als 6 Jahre anstehende Problem des "Foyer du Jour" für ältere Menschen und der Kindertagesstätte sollte nunmehr auch einer Lösung zugeführt werden. Was die Kindertagesstätte angeht, so ist der Schöffenrat der Ansicht, daß das Projekt, das Haus "Goergen" in der "rue Jean l'Aveugle" zu diesem Zweck einzurichten, nur sehr schwer realisierbar ist, schon allein wegen der kostspieligen Umbaukosten bedingt durch die strengen Sicherheitsauflagen. Somit ist der Schöffenrat zur Schlußfolgerung gekommen, die Kindertagesstätte an geeigneter Stelle neu zu erbauen.

Umwelt

Umweltpolitisch gesehen sollte zunächst einmal darauf hingewiesen werden, daß im November 1993 die Gemeinde Diekirch dem "SIDEN" (Syndicat intercommunal d'épuration des eaux résiduaires du Nord) beigetreten ist. Nach ersten Berechnungen wird sich die jährliche Kostenbeteiligung voraussichtlich auf 18 Millionen Franken belaufen, die für jeden Haushalt als zusätzliche Abwassertaxe ("taxe de dépollution") zu Buche schlagen wird. Diese Taxe wird sich an der Höhe des Wasserverbrauchs orientieren, wobei also dem Prinzip des "pollueur-payeur" Rechnung getragen wird.

Hinsichtlich der Müllproblematik werden die Gemeindeverantwortlichen in Zusammenarbeit mit dem SIDEC um eine effiziente Entsorgung bemüht sein. Es soll auch darauf hingewiesen werden, daß der Schöffenrat schon eine erste Unterredung mit dem Umweltminister hatte im Hinblick auf die Zusammenlegung von SIDEC und SIDA und der sich daraus ergebenden Problematik der Müllablagerung und der Schaffung einer neuen Kompostierungsanlage.

Überhaupt muß der regionalen Landschaftsplanung mehr Beachtung geschenkt werden in dem Sinne, daß gezielt auf eine Koordinierung der Bebauungspläne

mit denjenigen der Nachbargemeinden hingearbeitet wird. Eine regionale Abstimmung und Zusammenarbeit drängt sich ebenfalls auf, wenn es darum geht, in Anbetracht der rezenten Hochwasserkatastrophen gezielte Maßnahmen ins Auge zu fassen.

Industriezone und Energie

Im Hinblick auf eine Investitions- und Kostenreduzierung sollten die mit den Erpeldinger Gemeindeverantwortlichen eingeleiteten Gespräche zwecks Einrichtung einer regionalen Industriezone weiterhin intensiviert werden, weil bei der Realisierung eines solchen Projektes die staatliche Beteiligung an den Infrastrukturkosten sich auf 85% beläuft, während diese Beteiligung an einer gemeindeeigenen Industriezone nur bei 15% liegt. Vom energiepolitischen Standpunkt aus, ist die Erstellung eines Energieversorgungsplans als prioritär anzusehen.

Sport

Schon des öfteren war mit Bedauern vermerkt worden, daß die Gemeinde Diekirch es versäumt hatte, im 6. Fünfjahresplan des Sportministeriums berücksichtigt zu werden. Auf die rezente Intervention des neuen Schöffenrates beim Sportminister hin, konnte dieses Versäumnis nachgeholt werden, so daß die Stadt Diekirch in dieser Hinsicht nicht benachteiligt ist. In diesem Zusammenhang wird der Schöffenrat im Laufe der kommenden Wochen die Vertreter aller Sportvereine reihum zu einem Meinungsaustausch einladen, um ihre spezifischen Anliegen kennenzulernen. Diekirch benötigt dringend eine Ausweitung seiner sportlichen Infrastruktur. Wenn es auch nicht angeht, in Zeiten der Rezession und angesichts eines selbstaufgelegten Sparprogrammes sportliche Prunkpaläste zu planen, so sollten doch finanziell erschwingliche Notlösungen in Erwägung gezogen werden, die den lokalen Ansprüchen mehr oder weniger genügen können.

Bau einer Mehrzweckhalle

In dieser Perspektive kann auch der Bau einer Mehrzweckhalle gesehen werden, die der Geschäftswelt und den Lokalvereinen zu einer weitgefächerten Nutzung zur Verfügung stehen sollte. Es wäre jedoch abwegig, einen solchen Mehrzwecksaal in den Komplex der alten Brauerei zu integrieren. Die vielen lärmintensiven Veranstaltungen, die auch noch vorzugsweise nachts stattfinden, wären eine unzumutbare Belastung für die Bewohner der angrenzenden Viertel. Der Bau einer solchen Halle ist deshalb außerhalb des unmittelbaren Wohngebietes zu befürworten, zum Beispiel hinter der Schwimmhalle. An dem nötigen Parkraum dürfte es hier nicht fehlen und die Nähe des Sportkomplexes wäre auch von Vorteil, da sie ja auch den Sportvereinen eine Ausweichmöglichkeit bieten sollte. Vom finanziellen Standpunkt her sollte jedoch an eine etappenweise Realisierung dieses Projektes gedacht werden, die dann auch eine progressive Inbetriebnahme ermöglichen würde.

Kultur

Das Bestreben des neuen Schöffenrats kann nur darauf gerichtet sein, beim bestehenden kulturellen Angebot der Qualität auf Kosten der Quantität den Vorrang zu geben, es sei denn, imperative Sparmaßnahmen würden diese Zielsetzung in Frage stellen. Größten Wert sollte fortan auf eine konstruktive Zusammenarbeit mit den kulturschaffenden Vereinen (die zu diesem Zweck in nächster Zukunft vom Schöffenrat kontaktiert werden) als auch mit dem "animateur culturel" gelegt werden. Beachtung verdient auch eine kulturelle Aufwertung der Laurentiuskirche, besonders mit Rücksicht auf den sakralen Charakter dieses historischen Monumentes.

Wenn auch die Integrierung der Mehrzweckhalle in den Komplex der Alten Brauerei in den Augen des Schöffenrates nicht realisierbar ist, so will das hingegen nicht bedeuten, daß diese Gebäulichkeiten einem ungewissen Schicksal überlassen werden sollen. Diese Bausubstanz soll natürlich erhalten werden und etappenweise für sozio-kulturelle Aktivitäten erschlossen und den Vereinen zugänglich gemacht werden. Die immer wieder und immer noch beschworene Finanzhilfe von 150 Millionen für die Realisierung des vom vorigen Schöffenrat geplanten Mammut-Kulturprojektes sollte nicht darüber hinwegtäuschen, daß ein solches "Geschenk" an die Gemeinde von derselben eine Mindestinvestition von zusätzlichen 250 Millionen verlangt. Eine solche finanzielle Belastung kann sich unsere Gemeinde in nächster Zukunft nicht leisten.

Im kulturellen Bereich sollte auch größeren Wert auf regionale Zusammenarbeit gelegt werden. Besonders eine wenigstens teilweise Programmkoordination zwischen den Kulturkommissionen aus Diekirch und Ettelbruck würde sich in mannigfaltiger Hinsicht positiv auswirken. Eine ähnliche regionale Zusammenarbeit zwischen den Musikschulen von Diekirch und Ettelbruck wäre natürlich auch wünschenswert. Schon allein die finanzielle Belastung sollte eine solche Zusammenarbeit im Sinne einer musikpädagogischen Synergie sinnvoll erscheinen lassen.

Tourismus und Freizeitgestaltung

Schließlich soll die Stadt Diekirch als Wiege des Fremdenverkehrs auch in touristischer Hinsicht an Attraktivität gewinnen. Neben den geplanten urbanistischen Verbesserungen und einem diversifizierten kulturellen Angebot sollten auch die Möglichkeiten der Freizeitgestaltung gefördert werden (infrastrukturelle Erneuerung des Schwimmbads).

Transparenz der Gemeindepolitik

Wie schon oben erwähnt basiert diese Schöffenratserklärung auf einem Schwerpunktprogramm, dessen Verwirklichung nur durch eine Restrukturierung sprich Sanierung der Gemeindefinanzen erreicht werden kann. Die Liste der hier angeführten Prioritäten ist natürlich nicht nach willkürlichen Kriterien zusammengestellt, sondern sie entspricht den dringendsten Anliegen der Diekircher Bürgerschaft.

Zum Schluß sollte deshalb noch ein besonderes Anliegen sowohl dieser Bürgerschaft als auch der neuen Gemeindeverantwortlichen zur Sprache gebracht werden, nämlich der Wunsch nach einer transparenten und bürgernahen Gemeindepolitik. Offenheit der Entscheidungsprozesse, umfassende Information in beiden Richtungen, dies sind die Gütezeichen einer offenen und fairen Zusammenarbeit. In diesem Sinne versteht es sich von selbst, daß die Gemeindeführung und die kommunalen Dienststellen über ihre Entscheidungen und Tätigkeiten Rechenschaft schuldig sind. Die Gemeindepolitik muß transparent und vom Bürger nachvollziehbar sein. Deshalb tritt der neue Schöffenrat für die Veröffentlichung eines kommunalen Informationsblattes ein, wo der Bürger sich über die Gemeinderatssitzungen und die in der Gemeinde anstehenden Projekte in Kenntnis setzen kann. Daneben sollten auch Versammlungen zu punktuellen Themen und aktuellen Anlässen in Erwägung gezogen werden.

Äntwert vun der Oppositioun

Als Stellungnahme der CSV - Fraktion zur Schöfferratserklärung
nun der întregale Text der 4 Reden, die in der Gemeinderatssitzung
vom 17. Januar von den CSV - Räten vorgetragen wurde.

Marie-Thérèse Boever:

Vun dëser Schäfferotserklärung kann ee rouig soen, dass nët vill drasteet, dass et e
Sammelsurium vun allgemengen an hëlleflosen Undeutungen as.

Si as äusserst vague, guer nët komplett an zum Deel d'Ofschreiwe vum DP-
Wahlprogramm.

Et brauch een nët vill dervu gelies ze hun, dann huet ee well den Androck, wéi
wann verschidde Leit nët vun Dikrich wieren, an anerer sech nët kënnen
erënnere, wat se virun nach nët ze vill laang gestëmmt a gesot hun.

Dës Schäfferotserklärung as e schwacht Dokument, dat eng effizient Politik kaum
erméiglecht.

Finanzpolitik

De Schäfferot schwetzt vun enger gezielt, restriktiver Finanzpolitik a seet et giffen
sech allgemeng Spuermoossnahmen opdrängen. Schluss, faerdig.

D'Finanzpolitik as dem Schäfferot just ganz 13 Zeilen wäert, an dobei sën
d'Finanzen jo dee sëcherlech wichtigste Bereich vun der Gemengepolitik.

- "gezielt, restriktiv" wat heescht dat?
 - Spuermoossnahmen, wat heescht dat?
 - Wu soll gespuert gin, a wu wëllt de Schäfferot streichen a kürzen?
 - Wéi geseit de Schäfferot d'Gemengeschild?
 - Gët se wéi ënner der CSV-Majoritéit ofgebaut oder wëll Dir nei Anleihen
ophuelen?
 - Wann nët méi genuch Spillraum do as fir nei Anleihen, wéi wëllt dann de
Schäfferot déi ugekënnegt Projet'en finanzéieren?
 - Wéi as et mat den Einnahmen?
 - Sin nei Taxen virgesin a gin déi al erhiet?
- Froen an nach eng Kéier Froen, an iwwerhaapt keng Äntwert.

Eng déck Datz gët et fir d'Finanzpolitik.

Ouni Konzept a Saachen Finanzen riskéiert d'Politik vun dësem Schäfferot zou
engem gefeierliche Spill op dënnem Eis ze gin.

Wunnraum

Erschleisse vun neiem Bauland a Schafe vu sozialem Wunnraum as wichtig an och
richtig.

Mat denen Ukënnegunge kann och jidferen averstane sin.

Hei kann een awer och d'Greetchefro stellen: Wu, wann et mat wat.

Wu soll neit Bauland erschloss gin?

Hal Dir ërem um "Projet Laach/Loumillen" fest?

Wéini soll erschloss gin?

Wéi wëll Dir dat finanzéieren?

As hei iren déi ischt Anleih fällig?

Froen an nach eng Kéier Froen, a keng Äntwert.

Vläicht as et och su, dass Vagheet iwwert Konzeptlosigkeit vun dëser Majoritéit
soll wechtäuschen.

Crèche/Foyer du Jour fir al Leit

Dir wëllt eng Crèche ariichten hei zu Dikrich. Dir sitt awer derfir, fir dat nët am
Haus Goergen ze maachen. Dir wëllt dat Haus ërem verkafen. Et as awer déi
eenzeg richtig Plaz, well eng Crèche soll am Zentrum vun Dikrich sën.

Wann Dir d'Crèche nët am Haus Goergen maacht, wou dann, an zou wéi engem
Preis?

Wéini denkt Dir dann unzufinken?

Am Haus Goergen wier d'Ouverture fir de nexten Hierst méiglech. D'Pläng déi
fäerdeg sën, sën no de Virschreife vum Ministère gemaach gin. De Krédit as och
zur Verfügung. Dir hut e jo iwwerens matgestëmmt.

Bei engem Neibau dauert et awer bestëmmt nach 2-3 Jar bis kann ageweit gin.

Fir de Foyer du Jour fir al Leit, hut Dir nët méi iwwer as wéi dass Dir schreiw
"sollte einer Lösung zugeführt werden".

Et gët nëmmen eng Plaz, an dat as niewent dem Altersheim.

Wann Dir de Foyer ariicht, wou huet Dir wëlles dat ze maachen, a wéini?

Al Leit sën nämlech gäre matten an Dikrich.

Dir Dammen an Hären vun der Majoritéit!

Ech widderhuelen nach eng Kéier, Äere Programm as vague, guer nët präzis, en
erschöpft sech zu 95% an Allgemengheeten.

Et as ee méi wéi schwache Programm, an dee mir als Oppositioun kee Vertraue
kënnen hun.

Ech hoffen nëmmen am Interesse vun Dikrich an den Dikricher, dass dëse
Programm iwerschafft gët an Äer aldeeglech Politik mi bréngt, wéi dat wat Dir hei
zu Pabeier bruecht huet.

Robert Bohnert:

Madame Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären!

D'Madame Buergermeeschter huet eis Merci gesot: ech wëll och hei an eisem
Numm Iech, déi nei Majoritéit am Schäffen- a Gemengerot, félicitéieren an Iech all
Guddes wënschen. Mir sin och interesséiert, datt et der Stad Dikrich viru gutt geet,
an duerfir si mer bereet, do, wou mer dat kënnen, Iech ze ënnerstëtzen mat enger

konstruktiver Oppositionspolitik.

Dir hut lo 2 Saachen op den Dësch geluecht: déi nei Kommissiounen an Är Schäfferotserklärung, zwou grouss Schinnen, déi d'Richtung vun Ärer Politik virzeechnen sollen.

Ech wollt t'ëischt e puer Froë stellen zu den Gemengekommissiounen, déi konsultativ Kommissiounen, déi jo e politische Charakter hun, well se vun de Parteien zesummegeallt gin, a well se dem Schaffen-, an och dem ganze Gemengerot, zur Sait stoë sollen mat Propositionen, Avis'en an Aktivitéiten. Hueld folgend Froen nët als Kritik op, mee jhust als Versuch, ons ze informéieren a Klorheet ze kréien: Dir gesit eng 15 Kommissiounen vir: dat sin der vill. Firwat? Hun dann déi eenzel Kommissiounen nach genügend Poids? Romm en Drëttel vun deene Kommissiounen gi nët vu gewielte Gemengerotsmëmbere präsidéiert. Ech huelen un, dass dat als Ouverture no baussen geduecht as, an nët als Zeechen, dass Der hinnen keng Bedäitung zouschreiw? An enger Kommissioun hut Der e Gemengefonktionnär als politesche Mëmbere (Vertrieder vun der DP) virgesin. Verstitt mech nët falsch: hie war och schons virdrun an der Kulturkommissioun, an en huet do vill a gutt Aarbecht geleescht, mee hie wor als Expert dran, an nët als politesche Mandatär! Fannst Dir et richtig, wann e Gemengebeamten als politesche Mëmbere an eng Kommissioun geet?

Dann zu Ärer Schäfferotserklärung: do wollt ech mol gläich eng fundamental Fro stellen. Dir schwätzt sou vill vun Transparenz. Abee déi Transparenz hate mer no de Walen, wéi mer iwuer Radio an Televisioun (a wat wäer méi transparent wéi Radio a Televisioun!) gewuer goufen, dass Der eng Koalitioun maache géift. Mir sinn dann och iwuer Radio a Televisioun gewuer gin, dass Der e Splitting virhutt, dass warscheinlech déi ëischt dräi Jar d'DP d'Majoritéit am Schäfferot huet, déi lescht dräi Jar vun dëser Legislatur d'LSAP do majoritär gët. Heescht dat, dass déi Schäfferotserklärung hei nure fir 3 Jar zielt? Et kënnst een dat nämlech mengen, well ausser dem Kapitel iwuer de soziale Wunnéngsbau eigentlech bal nuren DP-Idien drastin!

Meng ëicht Fro as also ganz einfach: as et eng Schäfferotserklärung fir 3 oder fir 6 Jar? Wann se fir eng ganz Legislaturperiod gültig soll sin, da muss ech mech deem usschléissen, wat d'Marie-Thérèse Boever gesot huet: et steet nët vill Präzises dran!

Erlaabst mer, besonnesch lo nach zu deene Secteuren ze schwätzen, déi mech speziell betreffen:

Mir haten hei zu Dikrich an deene vergaangenen 20 Jar eng kohärent Schoul- a Kulturpolitik, un déer sech iwüregens och eng Rei Vertrieder vun de jëtzege Majoritéitsparteien aktiv bedeelegt hun.

Ech sin duerfir ëmsou méi erstaunt an enttäuscht, dass déi zwee Secteuren, déi iwuerall an Europa eng ëmmer méi grouss Roll (och - a vläischt besonnesch - an der Lokalpolitik) spillen, an Ärer Schäfferotserklärung als absolut Steikammer ewechkommen.

Vun der eigentlecher Schoul schwätzt Der mol iwuerhaupt nët. Déi schéngt Der vergiesst ze hun oder ganz der Education nationale ze iwuerloossen!? Meng Fro un Iech an desem Zesammenhang as also einfach déi hei: Hutt Der d'Schoulpolitik aus Ärem Répertoire gestrach? Looss Der do alles lafen wéi et leeft? Wann Der der Meenung sitt, do wäer alles am Botter, da soë mer Iech Merci fir d'Kompliment, mä mir gin Iech awer ze bedenken, dass, wann ee vu vireran ouni Globalkonzept an ouni präzis Idien un D'Schoulorganisatioun vun deene nächste Jaren erugeet, ee riskéiert, ganz séier de Bonus vun der ablécklecher gesonter Situatioun ze verspillen!

An dat wëlle mer nët, a mir haten alt gemengt, Dir giffst dat och nët wëllen. Mir mengen, dass d'Schoulwiesen d'Gemengepolitiker virun eng wichteg

Verantwortung stellt, an dass et nët an der Rei as, dass Der dozou awer och nët ee Pippcheswärtchen an Ärer Schäfferotserklärung verléiert.

Och a wirtschaftlech schlechten Zäiten - an da vläischt nach méi as wéi soss - as d'Erzëihung an d'Ausbildung vun eise Kanner derwärt, dass och d'Politiker se sérieux huelen a sech Gedanken driwwer maachen. Ech hoffen duerfir, dass Der d'Schoulpolitik nët grad sou an Ärem Budget vergiesst, wéi Der dat an Äre programmatesche Aussoë gemaach hut!

Ech gin dann, an dat as mäin 2. Punkt, dovun aus, dass Är Begeeschterung fir d'Kultur doru schold as, dass am 1. Saatz vun deem Kapital déi Zalot mat der Qualität an der Quantitéit entstan as, an ech huelen Iech of, dass Der um Plang vun der kultureller Offer der Qualität de Virzoch gi wëllt. Dir wëllt dann och eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat de Kulturveräiner a schliesslech e méi grousst regionalt Zesummeschaffen: Qualität, konstruktiv, zesummen mat de Veräiner, zesummen mat de Noperen, dat kléngt alles ganz flott a schéin, mä dat engagéiert zu glat guer näischt!

Wat as da fir Iech d'Roll vun der Gemeng am kulturelle Liewen vun der Stad Dikrich a vun der Region? Mir woren der Meenung, dass d'Gemeng am Kader vun hire Méiglechkeeten, a natiirlech och vun hire Finanzen, do eng Offer maache soll, wou d'Veräiner vu sech aus iwuerfuerdert oder nët direkt interesséiert sin, an an deem Sënn hu mer e Kino an eng Konschtgalerie un d'Lafe bruecht. Mir hun och versicht, vun der Gemeng aus an an Zesummenaarbecht mat dem Syndikat oder dem Kulturministerium oder och deem engen oder aneren Veräin méi speziell Concerts'en, Ausstellungen, Konferenzen an Theateropfeierungen ze organiséieren, verschidentlech op regionalem an souguer nationalem Plang. Hut Der wëlles, domatt virun ze fueren oder verzicht do d'Gemeng Dikrich an d'Zukunft op all eegen Initiativ? Ech wëll Iech dat beileiwen nët ennerstellen, mee ech liesen näischt dovun an Ärer Erklärung. Wat gesitt Der vir am Medienberäich? Wéi gesitt Der d'Zukunft vun eiser Kollektivantenne, iwuer déi eng ganz Région gespeist gët, a wou no der Opbauphase lo misst och kloër gestallt gin, wéi watfir Programmier do drop kommen? Wat hut Der zum Radiowiesen an der Zukunft vu *Radio Lora* ze soën? Ech wäerfen Iech nët vir, dass Der nët am Détail ausernee geluecht hutt, mee Dir hätt et dach awer wëinstens missen ernimmen an enger Ausso, déi fir déi nächst 6 Jare ziele soll. Do geet et jo awer nët méi duer mat Slogans'en wéi "Qualitéit, Zesummenaarbecht an diversifizéiert kulturell Offer"!

Wat solle mer vun enger Majoritéit halen, déi schreiw, eng Koordinéierung tëscht Dikrich an Ettelbréck kënnst sech "positiv" auswirken an eng ähnlech Zesummenaarbecht am Beräich vun de Musikschoulen wäer "wünschenswert". Mir wëllen nët wëssen, wat Der Iech wënscht oder vu wat Der dreemt, mir wëlle wëssen, wat Der virhutt, wéi Der déi Zesummenaarbecht gesit, mat watfir Trëmp Der an déi regionale Synergie eraklammt, wann Der der Regierung hir Idi vun engem regionale Kulturzentrum opgit, a wann Der d'finanziell Belaaschtung vun eise Conservatoire wëllt lass gin?

Mat fromme Wënsch eleng mecht ee keng Kulturpolitik! Et verlaangt jo och keen, dass Der lo an dëser wirtschaftlech schweier Zäit grouss Prioritéite setzt, mee da maacht awer nët wéi wann, a verkaaft eis nët als dynamesche Fortschritt e kloert Zeréckschrauwen op deem Gebitt!

Dräi präzis Froen hätt ech zum Kulturkapitel:

1. Wéi hu Der wëlles, de sakrale Charakter vun der Aler Kiirch (deen eigentlech nach ni a Fro gestallt guff) opzewäerten?

2. Wéi bezuelt Der déi etappeweis Astandsetzung vun der Aler Brauerei a wéi steet et dann mat der Sëcherheet? Et geet jo nët duer, dass een sech ausserhalb vum Projet "Regionale Kulturzentrum" stellt, fir dass dat näischt méi soll kaschten.

Wann dat etappeweis an ouni Globalkonzept geschitt, da kënnt ee mol genä de Contraire riskéieren.

3. Wat soe mer de Lett, déi am Schouljoer 1994/95 hir Kanner an eng Musikschool schécke wëllen? Sollten déi sech zu Ettelbréck oder zu Dikrich aschreiwene?

An dann Är "Mehrzweckhal", déi net an d'Al Brauerei passt, wéi Der sot. Do läit den Ennerscheid tëschent eise Konzepter: Mir hate versicht, Prouwesäll a Versammlungsraum fir Veräiner an e globale Kulturzentrum ze integréieren, wou och Festsäll dra gewiescht wäeren. Eis Fro: Wat kënnt an Är Hal? As déi jhust fir grouss Baler, Dëppefester a Kongresser?

Wéi hut Der iwvregens wëlles, dee neie Parking architektonesch an de Quartier vun der Aler Brauerei, déi Dir jo net ofrappt, ze integréieren?

Nach eng Fro zum Sport. Dir sot, do wäer e Manktum un Infrastruktur, dat stung jo och an alle Wahlprogrammer. Wat hut Der dann lo konkret wëlles? An der Schäfferotserklärung steet: "finanziell erschwingliche Notlösungen". Wat as dat? 50% géif de Sportsminister eventuell bäisteieren, sot Der! Bäisteieren zu wat?

Zum Informationsblad, dat jo och an alle Parteiprogrammer figuréiert huet, huet d'Madame Buergermeeschter eis jo lo versprach, an ech huelen dat mat Satisfaktioun zur Kenntnis, dat jidder Partei do zu Wuert komme wäert. Ech mengen, wann Der vun der Transparenz schwätze wëllt, da muss dat och sou sin, an da muss d'Oppositioun och do hir Roll ze spille kréien. Mir si bereet, an deem Sënn matzeman!

Als Konklusioun widerhuelen ech nach eng Kéier, datt mir als CSV gewëllt sin, eis nei Roll am Dikricher Gemengerot ze spillen, datt mer eng konstruktiv Oppositioun maache wäerten, wann Der eis d'Méiglechkeet dozou gitt, datt mer awer leschten Enns enttäuscht sin an dëser éischter Sëtzung wéint der onpräziser an iwverflächlicher Schäfferotserklärung, déi Der eis virgeluecht hut.

Mä mir hoffen, datt déi vill Konjunktiven an Ärem Budget duerch eng méi kloer Sprooch ersat gi wäerten!

Jacques DAHM:

Wi ich déi Erklärung vum Schäfferot gelies hun, hun ich mer geduecht: ma dat do hues de dach well éirens gelies an zwar wuertwürtlech. Ech hun dun der DP hir Nei Klack mat den "Überlegungen zu einer machbaren Gemeindepolitik in Diekirch" erbeigezun, an tatsächlich, do stung zu 75% deselwichten Text. Eppes war geännert: do wu "Demokratesch Partei" stung, steet lo "der Schöfferrat"; et kumme nach puer nei Zeilen derbei, wuvun och eng oder di aner aus der LSAP hirem "Programm für Diekirch" stamen. Dir dinkt lo: mat dat as dach normal, datt e Wahlprogramm lo Schäfferotsprogramm gët. Sëcher, mä de Wahlprogramm dee war am Konditionnel a ganz hypothetisch, an de Schäfferotsprogramm, den as dat och bliwen. Ausser puer Projet'en, déi op eng Initiativ vun der CSV well mi laang am Plange sën, déi secher gemaach solle gin, ech kommen drop zrëck, as keng nei Realsatioun präzis direkt virgesin.

Dir Dammen an Dir Hären ech hat gehofft an Ärer Erklärung kënnt ee präzis Projet'en opgezielt fannen, wuvun et der gin, déi een hätt kënne realisieren, trotz der "prekären Finanzlage", wi der Äech ausdréckt, déi mir an de letzte 6 Jar awer net verschlechtert hun, well d'Schold as rof gaangen a net rop.

Nun awer e puer präzis Punkten a Froen, déi mer net klar sën: Wi dat Terrassenparkhaus, vun dem d'Iddi an der aler Verkéierskommissioun gebuere war, a wofir de fréiere Schäfferot och d'Nosbuschhaus kaaft hat, "finanziell

tragbar" ka gin versti mir net:

- wann ee geseit wivill Plaz moies op der Kluuster nach frei as, an datt een de ganzen Dag do nach Parkplaze fënnt, well lo do eppes muss bezuelt gin;
- wann am Laf vum Jar de Parking vum Centre commercial am Dechensgaard opgeet;

- wann d'"Anwesen" Schmitz als Parking prépariert gët an

- och de Parking op der Gare realisiert gët, well do së Der jo zimlich formell.

Ma wi geet et viru mat de Parkzonen, och eng Proposition vun der aler Verkéierskommissioun, déi am Juli 93 vun alle Mëmbere vum Konsell ugeholl guf. Kreie mer nach supplementar Horodateure fir Parkplazen am an em de Stadskär fir Akäfer frei ze man?

Datt eng ganz Parti Stroossen erneiert musse gin, as kengt Geheimnis an dat huet d'CSV an all dene Jare regelméisseg gemaach. Ma wi eng sti prioritär op Aerer Lëst? Ee Verkéiersplang de gët et, och wann d'DP dat nach ëmmer net wees; hee guf 1992 unanim ugeholl an eng Rei Propositione guffe well an d'Praxis ëngesat. Dat letzt wat mer am November 93 festgehalten hun, -rëm vum ganze Konsell- sën eng Rei nei Einbahnen, déi awer nach net ausgefuert guffen, well së nach net an den Transportministär fir d'Autorisatioun fortgeschéckt guffen. Do duerft Der also Drock dohanner maachen, da ka well sier eppes agefuert gin, wat fäerdig do leit. Wat verstit Der ënner "bessere Absicherung der Fussgängerwege"?

Wat den Dechensgaardkomplex ubelaangt, su gët do d'Foussgängerzon erweidert a net nëmme in "Aussicht gestellt", well si as am Kontrakt mat dran!

D'Unterführung bei der Post gët rutschfest gemaach - nach e Punkt dee "vorgesehen" as; op zwar da mi Lett derduerch gin dorun zweifelen ech.

Op der Gare geschitt och eppes; ech hoffen et, well d'CSV as laang genuch do gebremst gin; zënter drei Jar leien d'Projet'en um Dësch an d'Suen dorfir sën an de Budget'e blokiert. An deem Kader sën ech perséinlech, ma ech hollen un och mei Kolleg Robert Bohmert, fru, datt d'Secherheet vun de Kolléischschüler Äech lo su um Häerz leit, wu dach d'Sozialiste nach an hirem Wahlprogramm de Kolléischhaft als Parking virgesin haten!

Wu sën déi vill Parkingen, déi den Här Blum als Fraktiounssprecher vun der LSAP eis em de Stadskär proposiert hat, lo verschwonnen?

De Rond-point an der Laach (Gilsdréferstrooss) as och eng Iddi vun der aler Verkéierskommissioun, déi dun am Verkéiersplang vum Bureau d'étude opgegraf guf. Mä d'Laach as eng Staatsstrooss; do muss also mat der Bauverwaltung verhandelt gin.

A Punkto Verkier a Parking hate mer mi konkret nei Projet'en, a net nëmme aal fäerdiger oder utopischer vun der LSAP-DP-Koalitioun erwaart. Och do si mer enttäuscht!

Dir schwetzt da nach vun der "kurzfristiger Instandsetzung" vun de Spillplazen. Datt Sauer, déi am Park rem iwverschwemmt hat, dofir kënnt och Dier mol net. Wu neier oder aner Zorte vu Spillplazen entstin, dat fënnt een néirens. Iwer d'Jugend verléiert. Der kengt engt Wuert mi, déi schenkt fir d'Zukunft vun enger Uertschaft net wichtig ze sën!

Ech hoffen, datt mer am Laf vun de nächste Jaren nach mi oft op déi opgeworfe Problemer zrëckkomme kënnen.

Paul Bonert:

Ech wollt als letzte Riedner, oder besser als letzten Oppositiounsriedner, och nach zu verschiddenen Aspekte vun der LSAP-DP Schäfferotserklärung - besonnesch aus dem ökologeschen Bereich - Stellung huelen.

